


# de Gemengebuuet

Informationsblat vun der Gemeng Lëntgen



## Impressum

### Info-Blat Nr. 42 – Abrëll 2024

- Éditeur responsable : Collège échevinal
- Coordination : Laurent Schiltz
- Traductions : Laurent Schiltz
- Cover : 30 Joer Feier SIDERO – Photo : Billy Mariani (www.hype.lu), Photos : Paul Provost
- Layout : Otherwise
- Impression : Printing Ossa
- Distribution gratuite à tous les ménages de la commune
- Numéro ISSN : 2354-4775

## Sommaire

|                                                                                                                                                                                 |        |
|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|--------|
| Neijoerschpatt .....                                                                                                                                                            | 3      |
| Présentation INPA .....                                                                                                                                                         | 4      |
| Hondswiss Rue Kasselt / Um Ritterpad .....                                                                                                                                      | 4      |
| Die Bedeutung von Streuobstwiesen für die Umwelt und die Aktion Bongerten in Lintgen und Lorentzweiler .....                                                                    | 5      |
| D'Ëmweltkommissioun an hir Aktivitéiten - Grouss Botz .....                                                                                                                     | 6      |
| La commission de l'environnement et ses activités - Nettoyage de printemps .....                                                                                                | 7      |
| Präisverdeelung Foto-Concours .....                                                                                                                                             | 8      |
| Remise de prix concours photo .....                                                                                                                                             | 9      |
| Kulturkommissioun - Neijoerschconcert .....                                                                                                                                     | 10     |
| Concert de Nouvel An .....                                                                                                                                                      | 11     |
| Léntgen beweegt sech - Lintgen en mouvement - Lintgen on moving .....                                                                                                           | 12     |
| Le restaurant à la Maison Relais porte désormais un nom : Food & Friends .....                                                                                                  | 13     |
| Journée mondiale du climat .....                                                                                                                                                | 13     |
| ERRATUM Article « Spendenaktion » .....                                                                                                                                         | 13     |
| Eng ganz besonnesch Cäciliefeier .....                                                                                                                                          | 14     |
| Theater „Fraleit's Tricken“ .....                                                                                                                                               | 15     |
| Aktivitéiten Fanfare Léntgen .....                                                                                                                                              | 16     |
| Auditioun vun der Museksschoul a Journée des „Anciens“ .....                                                                                                                    | 19     |
| Audition de l'Ecole de Musique et Journée des « Anciens » .....                                                                                                                 | 21     |
| Semeurs de Joie - Fête de 40 ans .....                                                                                                                                          | 22     |
| Semeurs de Joie - 40 Joer .....                                                                                                                                                 | 24     |
| FC Minerva - Wine and Dine .....                                                                                                                                                | 26     |
| 10 Joer Uergelfrënn Léntgen .....                                                                                                                                               | 27     |
| Rousen fir 22 Gebuertsdagskanner am Home Saint-Joseph .....                                                                                                                     | 28     |
| Konveniat Joergang 1963 .....                                                                                                                                                   | 29     |
| UGDA - Diplomiewerreechung .....                                                                                                                                                | 29     |
| SICONA .....                                                                                                                                                                    | 30     |
| Helpen sie mit, meldepflichtige Schädlinge zu entdecken und Pflanzen zu schützen! - Aidez-nous à découvrir les nuisibles soumis à déclaration et à protéger les plantes ! ..... | 34     |
| Virun 100 Joer: Industriegebit op der Haaptstrooss .....                                                                                                                        | 35     |
| Subventions et subsides communaux .....                                                                                                                                         | 38     |
| Kommunale Subventionen und Zuschüsse .....                                                                                                                                      | 40     |
| Bericht der Gemeinderatssitzungen .....                                                                                                                                         | 55, 63 |
| Rapports résumés des décisions prises par le conseil communal .....                                                                                                             | 59, 65 |
| Syndicat d'Initiative Lintgen/Manifestationskalenner 2023 .....                                                                                                                 | 67     |
| Offall-Kalenner 2023 .....                                                                                                                                                      | 69     |

## Administration communale de Lintgen

2, rue de Diekirch · L-7440 Lintgen

Heures d'ouverture:

Du lundi au vendredi de 8h30 à 12h00 et de 13h00 à 16h00  
excepté jeudi après-midi de 13h00 à 19h00

Téléphone : 32 03 59-1 · Téléfax : 32 03 59-35

E-mail : [commune@Lintgen.lu](mailto:commune@Lintgen.lu) · [www.Lintgen.lu](http://www.Lintgen.lu)

### SECRETARIAT

Yves WEYLAND · [yves.weyland@Lintgen.lu](mailto:yves.weyland@Lintgen.lu) ..... 32 03 59-25

Isabelle STEINMETZ · [isabelle.steinmetz@Lintgen.lu](mailto:isabelle.steinmetz@Lintgen.lu) ..... 32 03 59-34

Fax: ..... 32 03 59-31

### POPULATION, ÉTAT CIVIL

Sylvie MOLITOR · [sylvie.molitor@Lintgen.lu](mailto:sylvie.molitor@Lintgen.lu) ..... 32 03 59-27

Carmen ANTHON · [carmen.anthon@Lintgen.lu](mailto:carmen.anthon@Lintgen.lu) ..... 32 03 59-20

### RELATIONS PUBLIQUES

Laurent SCHILTZ · [laurent.schiltz@Lintgen.lu](mailto:laurent.schiltz@Lintgen.lu) ..... 32 03 59-21

### RECETTE

Thomy MULLER · [thomy.muller@Lintgen.lu](mailto:thomy.muller@Lintgen.lu) ..... 32 03 59-22

Nathalie BIRCKEL · [nathalie.birckel@Lintgen.lu](mailto:nathalie.birckel@Lintgen.lu) ..... 32 03 59-36

### SERVICE TECHNIQUE

Joe MALGET, chef de service · [joe.malget@Lintgen.lu](mailto:joe.malget@Lintgen.lu) ..... 32 03 59-26

Fax service technique ..... 32 03 59-30

Eric FIDLER, préposé atelier comm. · [atelier@Lintgen.lu](mailto:atelier@Lintgen.lu) ..... 32 03 59-95

Claudine KINN · [claudine.kinn@Lintgen.lu](mailto:claudine.kinn@Lintgen.lu) ..... 32 03 59-29

Nico SCHILTZ · [nico.schiltz@Lintgen.lu](mailto:nico.schiltz@Lintgen.lu) ..... 32 03 59-28

DISPENSARE ..... 32 62 58

### PRÉPOSÉ FORESTIER

Cédric FARINON ..... 24 75 67 31

ASSISTANTE SOCIALE ..... 32 58 20

PRESBYTÈRE de MERSCH ..... 32 00 59

E-mail ..... [miersch@cathol.lu](mailto:miersch@cathol.lu)

MAISON RELAIS ..... 32 03 59-70

Cycle 1 (Précoce & Préscolaire) ..... 32 03 59-45

Fax ..... 32 03 59-49

Cycle 2-4 (nouveau bâtiment) ..... 32 03 59-58

Cycle 2-4 (bâtiment bleu) ..... 32 03 59-63

VERÄINSHAUS (rue de l'Église) ..... 32 83 15

FESTSALL « A MOUSCHELT » ..... 26 32 01 25

HALL SPORTIF ..... 32 86 82 / 26 33 09 22

SOINS À DOMICILE ..... 33 76 62

REPAS SUR ROUES ..... 26 55 00 54

### CONSULTATION DU BOURGMESTRE

ET DES ÉCHEVINS ..... 32 03 59-25



de Gemengebuuet



## Neijoerschpatt

De 16. Januar huet de Schäfferot op de Neijoerschpatt an d'Veränshaus invitéiert. A sengem Discours huet de Buergermeeschter sech beim vieregte Gemengerot fir déi geleeschten Arabescht bedankt an huet och ee Réckbléck op déi ëmgesate Projete gemaach. Duerno ass hien op d'Projeten agaangen déi fir di nächst Jore geplangt sinn. Uschléissend goufen déi geluede Gäscht op een Eierewäin invitéiert.



## Présentation INPA

Le Ministre de la Culture, en collaboration avec la Commune de Lintgen, a invité à la présentation de l'inventaire scientifique du patrimoine architectural de la Commune de Lintgen en date du 19 février 2024 dans la salle des fêtes « A Mouschelt ». Cet inventaire, qui constitue la base pour la protection des immeubles et objets en tant que patrimoine culturel national, a été réalisé par l'Institut national pour le patrimoine architectural (INPA). L'INPA a proposé de protéger 53 objets dans la commune de Lintgen. L'inventaire peut être consulté sur le site internet [www.lintgen.lu](http://www.lintgen.lu).



## Hondswiss Rue Kasselt / Um Ritterpad

An der Rue Kasselt zu Lëntgen, nieft dem neie Lotissement „Um Ritterpad“, huet d'Gemeng eng Hondswiss ugeluecht. An dësem clôturéeierte Beräich kënnen Hënn zesumme respektiv mat hirem Meeschter spillen. Et ass net als Hondstoilette geduecht an d'Propriétaire vun den Hënn si gebieden eventuell Ekstremer opzerafen an an d'Poubelle ze geheien.

E grouse Merci am Virus.





## Die Bedeutung von Streuobstwiesen für die Umwelt und die Aktion Bongerten in Lintgen und Lorentzweiler

Streuobstwiesen sind nicht nur malerische Landschaften, sondern auch wichtige Ökosysteme, die eine Fülle an ökologischen, wirtschaftlichen und sozialen Vorteilen bieten. Diese artenreichen Wiesen bestehen aus hochstämmigen Obstbäumen, die von einer Vielzahl von Gräsern, Kräutern und Wildblumen umgeben sind. Sie bieten Lebensraum, Nahrung, Schutz und Brutplätze für zahlreiche Insekten, Vögel, Säugetiere und andere Tiere. Die verschiedenen Obstsorten und die damit verbundene Vielfalt an Früchten tragen ebenfalls dazu bei, die genetische Vielfalt zu bewahren. Die Bedeutung von Streuobstwiesen für die Umwelt und die Gemeinschaft kann daher nicht genug betont werden.

In diesem Kontext ist die Aktion Bongerten, die seit 1998 in den Gemeinden Lintgen und Lorentzweiler unter der Leitung der Naturverwaltung (ANF), des lokalen Forstreviers, durchgeführt wird, von großer Bedeutung. Seit ihrem Beginn wurden insgesamt 3.927 Obstbäume gepflanzt und 9.405 Obstbäume gepflegt bzw. geschnitten. Diese Initiative zielt darauf ab, die Streuobstwiesen in der Region zu erhalten und zu pflegen, um ihre ökologische und kulturelle Bedeutung zu bewahren.

Durch die Aktion Bongerten werden nicht nur die Streuobstwiesen als wichtige Lebensräume geschützt, sondern auch traditionelle Praktiken und lokale Kulturtraditionen gepflegt. Die Erhaltung dieser Landschaften und ihrer kulturellen Bedeutung trägt zur Stärkung der lokalen Gemeinschaft bei und schafft ein Bewusstsein für die Bedeutung des Naturschutzes und der nachhaltigen Landnutzung.

Insgesamt zeigen Streuobstwiesen wie diejenigen, die im Rahmen der Aktion Bongerten in Lintgen und Lorentzweiler gepflegt werden, dass Natur- und Landschaftsschutz Hand in Hand gehen können. Indem wir diese wertvollen Ökosysteme bewahren und pflegen, können wir nicht nur die biologische Vielfalt schützen, sondern auch die Lebensqualität in unseren Gemeinden verbessern und zukünftigen Generationen eine intakte Umwelt hinterlassen. Die Aktion Bongerten ist somit ein wichtiger Schritt auf dem Weg zu einer nachhaltigeren Zukunft.

Cédric Farinon

Préposé de la nature et des forêts

Triage de Lorentzweiler.





## D'Ëmweltkommissioun an hir Aktivitéiten

Säit dem 1te Januar 2024 ass déi nei Ëmweltkommissioun genannt.

Si besteet aus 11 Memberen, a beschäftegt sech am Numm an Opdrag vun der Gemeng Lëntgen mat Ëmwelt-Themen am wäite Sënn. 6 vun hinne ware schonn an der aler Ëmweltkommissioun tätig, där heimat nach emol häerzlech Merci gesot gëtt fir hiren Asaz vun 2017 bis 2023!

### Grouss Botz

Den 9. Mäerz hu mer eng „Grouss Botz“ organiséiert, un där iwwer 40 Leit deelgeholl hunn.

Bei sonnegem Wieder goufe vun den Ekippen zu Lëntgen, Goussel a Pretten ronn

- 150 Kilo Sperrmüll,
- 58,1 Kilo Holz,
- 50 Kilo Eise gesammelt.

Schlecht Gewunnechten an d'Kamoudheet si wuel d'Ursach fir den Dreck deen dorëmmer läit, virun allem déi vill Zigarettestëmp, déi trotz Äschebecher an Dreckskechte ronderëm d'Sportshal an d'Gare opgeraf goufen.

Déi sëlleg Gedrénksfläschen- an Dousen, Reschter vu Plastikbännercher an lessverpackunge weisen, dass et net vu Muttwëll ass, dass manner Ee-Wee-Verpackunge solle benotzt ginn.

Mir si frou esou vill Dreck aus der Natur geholl ze hunn, wärend awer nach méi frou, wann et net néideg wär. D'Kanner gi geléiert, Dreck an d'Poubellen ze geheien, oder nees mat heem ze huelen. Et muss een sech just och nach drun hale wann ee mi al gëtt.

En décke MERCI all de Participanten, an och der Ekip vum der Gemeng!

*Simone Dengler*



*de Gemengebouet*



## La commission de l'environnement et ses activités

Depuis le 1<sup>er</sup> janvier 2024, la nouvelle commission de l'environnement est nommée.

Elle se compose de 11 membres et s'occupe, au sein et pour le compte de la commune de Lintgen, des sujets environnementaux. 6 d'entre eux étaient déjà actifs au sein de l'ancienne commission, qui est chaleureusement remerciée pour son service de 2017 à 2023 !

### Grouss Botz – Nettoyage de printemps

Le 9 mars, nous avons organisé un « Nettoyage de printemps » auquel ont participé plus de 40 personnes. Les équipes se sont réparties à Lintgen, Gosseldange et Prettingen, et ont profité du beau temps pour collecter :

- 150 kilos de déchets encombrants ;
- 58,1 kilos de bois ;
- 50 kilos de métaux ferreux.

Les mauvaises habitudes sont probablement à l'origine des déchets et surtout des innombrables mégots de cigarettes qui ont été ramassés malgré les cendriers et les poubelles autour de la salle de sports et de la gare.

Les nombreuses bouteilles et canettes de boissons, les restes de banderoles plastiques et d'emballages alimentaires montrent que les emballages à usage unique devraient être réduits.

Nous sommes heureux d'avoir enlevé autant de déchets de la nature, mais nous serions encore plus heureux si cela n'était plus nécessaire. Les enfants apprennent à jeter les déchets à la poubelle ou à les ramener à la maison, il suffit de s'y tenir quand on grandit.

Un grand MERCI à tous les participants et à l'équipe de la commune !

*Simone Dengler*



## Präisverdeelung Foto-Concours



Den 22. Dezember hat d’Kulturkommissioun vun der Gemeng Lëntgen niewent de Kandidatinnen a Kandidaten, de Schäffen- a Gemengerot, déi verschidde Kommissiounen a Verrieder vun de Veräiner op eng Receptioun an d’Veräinshaus agelueden.

Den Thema war Fotoe mat Spigelungen an a ronderëm d’Gemeng Lëntgen.

11 Fotografen déi beim Concours 2023 fir de Kalenner vun 2024 matgemaach haten, kruten e Präis vum Här Buergermeeschter Louis Pinto iwwerrecht an am Numm vun der Kulturkommissioun vum André Heinen gratuléiert.

Den 1. Präis war fir den Här Patrick Loewen vu Lëntgen, d’Foto déi gewonnen huet ass awer vu sengem Meedche gemaach ginn, den 2. Präis fir den Här Daniel Schmit vu Gousseldeng an den 3. Präis fir den Här Roland Muller vu Lëntgen.

Eng 15 Kandidaten haten hir Fotoen eragerecht, awer eng Handvoll haten den Thema verfeelt.

De Kalenner ass dann och virgestallt ginn.

Mat engem Éierewäin ass den Owend gemittlech zu Enn gaangen.

*Text: André Heinen - Fotoe: Viviane Heinen*





## Remise de prix concours photo

Le 22 décembre la commission culturelle de la commune de Lintgen avait invité tous les candidats et candidates, le conseil communal ainsi que les représentants des sociétés à une réception au « Veräinshaus ».

Le thème était : Photos avec réflexions dans et autour de la commune de Lintgen.

Monsieur le bourgmestre Louis Pinto a remis les prix aux participants du Concours 2023 pour le calendrier 2024 et André Heinen, président de la commission culturelle les a félicités au nom de la commission.

M. Patrick Loewen de Lintgen a remporté le premier prix, la photo gagnante était prise par sa fille. M. Daniel Schmit de Gosseldange a remporté le 2<sup>e</sup> prix et M. Roland Muller de Lintgen le 3<sup>e</sup> prix.

En tout, 15 candidats avaient participé à ce concours, dont quelques uns n'ont malheureusement pas respecté le thème proposé.

Le calendrier a été présenté lors de cette soirée.

La soirée s'est terminée avec un vin d'honneur.

*Texte : André Heinen - Photos : Viviane Heinen*



## Kulturkommissioun - Neijoerschconcert



Am Kader vun de Jubiläumsfeierlechkeeten zum 125. Gebuertsdag vun der Fanfare Lëntgen hat d'Kulturkommissioun den 13. Januar op hiren traditionellen Neijoerschconcert an de Festsall "A Mouschelt" agelueden.

Dëst Joer hate mir d'Harmonie Éilereng zu Gaascht, di ënnert der Direktioun vun hirem Chef d'Orchestre Claude Weiland e festleche Concert ronderëm d'Thema Wien an Éisträich gebueden huet.

D'Harmonie Éilereng gouf 1985 gegrënnt an ass domat déi jéngste vun de véier Museken aus der Gemeng Suessem. Den Haaptorchester besteet aus 50 Musikantinnen a Musikanten a steet säit 2015 ënnert der Direktioun vum Claude Weiland.

Mat der bekannter Overture "Leichte Kavallerie" vum Franz von Suppé war direkt de Kader vum Owend gesat. Dono koum en 1. Héichpunkt mat dem "Divertimento for Flute" vum Alfred Reed wou de Publikum mat enger impressionanter solistescher Leeschtung vun der Flütistin Carole Martinez iwwerrascht gouf.

Weider goug et mat "Magic Overture" vum Thomas Doss, en zäitgenëssescht Wierk dat gutt an d'Neijoerschzäit passt an et dem Orchester erlaabt huet vill verschidde Klangfaarwen erfier ze zauberen.

Nom Stéck "Metro Gnome" vum Derek Bourgeois krut de Publikum als Ofschloss vum 1. Deel e Medley vun deene schéinste Melodien aus dem Musical "Elisabeth", wat d'Liewe vun der berüümten "Kaiserin Sissi" musikalesch beschreift, duerbruecht. Dëst Wierk war di perfekt Astëmmung op den 2ten Deel vum Programm, dee ganz am Zeeche vun de Wiener Kläng stoung.

An der Paus huet d'Lëntgener Musek dem Publikum eng gutt Hameschmier zerwéiert.

Am 2ten Deel vum Concert huet d'Harmonie Éilereng fir Wiener Flair am Festsall "A Mouschelt" gesuergt mat bekannte Märsch, Walzer a Polkae vu Johann Strauss, Tschaikowski oder H.C Lumbye.

Tëschent deenen eenzelne Stecker wi z.B. Einzugsmarsch, Persischer Marsch oder Egyptischer Marsch, Blumenwalzer a Rosen aus dem Süden, Furioso Polka oder Auf der Jagd, huet d'Presentatrice Christiane Weiland dem Publikum sou munnech Informatiounen an Anekdoten iwwert d'Strauss Dynastie zum Beschten ginn.

Als Ofschloss vun engem musikalesch héichkarätegen Owend huet d'Harmonie Éilereng de "Radetzky Marsch" gespillt wou de Publikum nach eng Kéier esou richtig konnt matgoen.





## Concert de Nouvel An



Dans le cadre des festivités du 125<sup>e</sup> anniversaire de la Fanfare de Lintgen, la Commission des Affaires Culturelles avait organisé le 13 janvier son traditionnel concert de Nouvel An à la salle des fêtes "A Mouschelt".

À cette occasion, l'Harmonie Ehlerange, sous la direction de leur Chef d'Orchestre Claude Weiland, a donné un concert festif sur les thèmes de Vienne et de l'Autriche.

L'Harmonie Ehlerange a été fondée en 1985 et est la plus jeune des quatre musiques de la commune de Sanem. L'orchestre est composé de 50 musiciennes et musiciens sous la direction du chef d'Orchestre Claude Weiland depuis 2015.

Le thème musical de la soirée fut lancé avec la célèbre ouverture "Leichte Kavallerie" de Franz von Suppé. Le premier temps fort de la soirée a été le "Divertimento for Flute" d'Alfred Reed, le public ayant été émerveillé par le solo impressionnant de la flûtiste Carole Martinez.

L'orchestre a ensuite joué "Magic Overture" de Thomas Doss, une œuvre contemporaine qui s'inscrit parfaitement dans l'ambiance autour du Nouvel An et qui permet à l'orchestre de faire ressortir de nombreuses couleurs sonores.

Après la pièce "Metro Gnome" de Derek Bourgeois, le public a pu découvrir en fin de première partie un medley des plus belles mélodies de la comédie musicale "Elisabeth", qui évoque en musique la vie de la célèbre "impératrice Sissi". Cette pièce était le prélude parfait à la deuxième partie du programme, entièrement placée sous le signe des mélodies viennoises.

À l'entracte, la Fanfare de Lintgen a offert au public sa traditionnelle Hameschmier.

Au courant de la deuxième partie du concert, l'Harmonie d'Ehlerange a créé une ambiance viennoise à la salle des fêtes "A Mouschelt" en interprétant des marches, valse et polkas connues de Johann Strauss, Tchaïkovski ou H.C. Lumbye.

Entre les différentes pièces musicales, comme par exemple l'"Einzugs-marsch", la marche persane ou la marche égyptienne, les valse "Blumenwalzer" et "Rosen aus dem Süden", "Furioso Polka" ou "Auf der Jagd", la présentatrice Christiane Weiland a donné au public de nombreuses informations et a raconté des anecdotes sur la dynastie Strauss.

En conclusion d'une soirée riche en musique, l'Harmonie Ehlerange a interprété l'incontournable "Marche de Radetzky" et l'ambiance dans la salle s'est enflammée une dernière fois sous les applaudissements du public.

*Text a Fotoen: René Heisten*



---

## Lëntgen beweegt sech

---

**Pétanque** all Sonndeg: Treffpunkt: 10:00 Auer "A Mouschelt op der Petanquepist" wann d'Wieder et zouléist.

**Badminton** all Mëttwoch: Treffpunkt: 19:30 Auer "Grouss Sportshal" beim Foussballterrain. Hei ass d'Sportskleedung obligatoresch.

Och dëst Joer, fënnt den **Zesumme Fit** erëm statt (Samstages, den **21.09.2024**).

**Journée des Récompenses** ass fir Freides, de **4.10.2024** programméiert, wou all gemellte sportlech Top-Leeschunge laut dem Règlement vun eiser Gemeng honoréiert ginn.

**Jiddereen (Jonk oder Erwuessen) kënnen sech ouni Verpflichtung un dëse sportlechen a sozialen Aktivitéiten an onser Gemeng bedeelegen.**

**Mir freeën eis op deng Präsenz.**



Badminton

---

## Lintgen en mouvement

---

**Pétanque** tous les dimanches : Rendez-vous : 10:00 h "A Mouschelt aux terrains de Pétanque" si le temps le permet.

**Badminton** tous les mercredis : Rendez-vous : 19:30 h "Hall des sports dans la grande salle" près du terrain de Football. Une tenue sportive est obligatoire.

Aussi cette année-ci, le **Zesumme Fit** aura lieu le **21.09.2024**.

**La journée des Récompenses** est prévue pour le **4.10.2024** où toutes les performances sportives extraordinaires seront honorées suivant le règlement de notre commune.

**Tout le monde (jeunes ou adultes) a la possibilité de participer sans aucun engagement à ces activités sportives et sociales dans notre commune.**

**Nous nous réjouissons de ta participation aux initiatives.**



Pétanque

---

## Lintgen on moving

---

**Pétanque** every Sunday: Meeting point: 10:00 a.m. "A Mouschelt Pétanque playing field" if the weather permits.

**Badminton** every Wednesday: Meeting point: 7:30 p.m. "sports hall" near the football field. Sportswear is mandatory.

As every year, the **Zesumme Fit** will take place again on Saturday **21.09.2024**.

The sport **Awards Day** is scheduled for Friday **4.10.2024**, where all reported sports top performances are honored according to the regulations of our municipality.

**Anyone (young people or adults) can participate in these sporting and social activities in our community without any obligation.**

**We look forward to your participation.**



Zesummen Fit



Journée des Récompenses 2023



de Gemengebouet



## Le restaurant à la Maison Relais porte désormais un nom : Food & Friends

Dans le cadre du projet « Anti-gaspi » qui s'est déroulé entre le 24.01 et le 25.02.2024, le personnel de la Maison Relais a été formé et encadré de la société SIGNA.

Les enfants du cycle 2-4 ont eu la possibilité de s'échanger avec les personnes de SIGNA, le personnel éducatif et le personnel de cuisine sur le but du projet, de la présence de SIGNA dans notre restaurant pendant la semaine d'observation et pendant la semaine de la mise en place de différentes méthodes. (Pesage de leurs restes des assiettes, réorganisation du buffet, affichage du menu avec assiette témoin etc.). Ainsi, du matériel de support de la campagne « Anti-gaspi » leur a été distribué.

Lors de la dernière semaine, tous les enfants du cycle 2-4 avaient la possibilité de chercher un nom pour notre restaurant. Les enfants ont déposé leurs propositions dans une boîte fermée. Parmi toutes les propositions nous en avons retenues 5 :

1. Lëmbi Restaurant
2. Food & Friends
3. Kids Bistrot
4. Come à la Maison Relais
5. Lëmbach Buffet.



Les enfants pouvaient alors voter parmi ces 5 noms : Le nom qui a eu le plus de votes était **FOOD & FRIENDS** !

Un grand MERCI à l'équipe de support de SIGNA de nous avoir donné la chance de participer à ce projet et de nous avoir aidé à améliorer davantage notre travail éducatif au restaurant.

Un grand MERCI aussi à notre apprentie Diana Jessica Araujo pour avoir dessiné un logo de Food & Friends qui est maintenant affiché sur le grand tableau dans notre restaurant derrière le buffet.

*Pour l'équipe éducative  
Simone Klees*

## Journée mondiale du climat

Chaque année, le 8 décembre marque la Journée mondiale du climat qui vise à alerter et à lutter contre les changements climatiques. Une occasion de sensibiliser les enfants aux enjeux cruciaux liés aux changements climatiques.

Tout d'abord, l'équipe éducative de la maison relais a parlé aux enfants de la Journée mondiale du climat. Après avoir abordé le sujet et répondu à chaque question posée, nous avons fait un tour avec nos affiches, en criant « Klimaschutz ».

Après notre petite protestation, nous avons ramassé ensemble les saletés sur le sol et les avons mises dans les poubelles appropriées.



## ERRATUM Article « Spendenaktion » (Gemengebuet Nr. 40 August 2023 page 19)

Nous souhaitons attirer votre attention sur l'article mentionné paru dans le « Gemengebuet » n° 40 du mois d'août 2023. Les 190 euros n'ont pas été versés à la Croix-Rouge, mais à la Fondation « Kriibskrank Kanner ». Nous nous excusons pour la fausse communication.

## Eng ganz besonnesch Cäciliefeier



All Joer am November feiert d'Lëntgener Chorale, wéi vill aner Chéier am Land, d'Fest vun hirer Schutzpatréinesch. Duerfir dréit si jo och d'Bild vun der helleger Cäcilia op hirem Fändel an de Numm an hirer offizieller Bezeechnung als „Chorale Ste. Cécile“.

Déi ganz Chouerfamill freet sech ëmmer nees op dëst Fest, wou eng besonnesch feierlech Mass an der Kierch gesonge gëtt, wou Spéngelen a Medaile vum Piusverband u verdéngschtvoll Sängerinnen a Sänger verdeelt ginn a wou sech den Dag drop, Sonndesmëttes, de ganze Veräin fir säin traditionellt Cäcilienessen zesummefënnt.

Well déi helleg Cäcilia awer net nëmmen d'Schutzpatréinesch vun de Chéier, mee och vun de Musikantinnen a Musikanten ass, huet eis Lëntgener Fanfare et sech scho säit enger Rei Joren zur gudder Gewunnecht gemaach, selwer och en Deel vun der Cäciliemass ze gestalten. Ëmmer nees gouf och mol e Stéck zesummen opgefouert, well sech jo eng enk Zesummenaarbecht tëscht den zwee grouse kulturelle Veräiner aus eisem Duerf ubitt.

Mee nach ni ass dat op sou engem héijen Niveau gelongen, wéi um 25. November 2023, en Dag, deen an d'Annale vun den zwee Veräiner agoe wäert. All Leit an der Kierch ware begeeschtert an déi, déi net do waren, hu sécher eppes verpasst.

Eis Fanfare feiert jo vun Oktober 2023 bis Oktober 2024 hiren 125. Anniversaire an do koum d'Iddi op, och um Cäciliefest eppes ganz Besonnesches ze probéieren, zesumme mat der Lëntgener Chorale, ënnert anerem eng Gospelmass vum Jacob de Haan.

A spéitstens no de leschte Kläng vum Michael Jackson sengem weltberüünten „Earth Song“ um Schluss vun der Feier, waren d'Leit an der Kierch net méi ze halen. Laang gouf applaudéiert an déi meescht hunn sech mol direkt den 21. Abrëll 2024 opgeschriwwen, wou an der Kierch en aussergewöhnleche Concert am Kader vun de Feierlechkeete vun der Fanfare Lëntge stattfënnt, nees zesumme mat der Chorale.

Um Schluss vun dëser gelongener Cäciliefeier huet de President vun der Chorale Raym Hoffmann nach dem Organist a Pianist Luss Steffen Merci gesot fir säin Asaz a festgehalten, datt den erliefen Highlight ganz sécher och der Tatsach ze verdanken ass, datt Musek a Gesank säit engem Joer deselwechte Chef hunn.



Hie sot: „Et sinn dem Marc Loewen seng innovativ Iddien a säi Knowhow, seng Dynamik, seng Begeeschterung fir Musek a Gesank, déi déi zwee Veräiner ouni Weideres virubrénge. Marc, du bass sécher e Gewënn an e Glécksfall fir d'kulturellt Liewen an eiser Gemeng, an duerfir am Numm vun eis all, villmools merci.“

An dem Sënn freeë mer eis all elo schonns op déi gemeinsam Zukunft vun eiser Fanfare an eiser Chorale.

*Text: Raym Hoffmann - Fotoen: Pol Provost*



*de Gemengebouet*



## Theater „Fraleit's Tricken“



Och dëst Joer wosst d'Theaterequipe vum Dëschtennis Minerva Lëntgen hire Publikum ze begeeschteren. Mat vill Applaus sinn si all Owend vun der Bün gaangen. Vergiess waren dunn déi laang Owender vu Prouwen an Deeg mat Bün opriichten. Wéi um leschte Sonndeg de „Riddo“ gefall ass, hunn d'Acteuren: Änder Nilles, Connie Scheer, Nicole Muller, Patrice Kayser, Claudine Mathias, Félix Dengler a Martine Vrehen; ënnert der Regie vum Jos Scheer; d'Equipe hannert der Bün; d'Bünebauer; net ze vergiessen d'Memberen an de Comité vum D.T. Minerva Lëntgen esou wéi déi trei Spectateuren, dem Theaterstück „Fraleit's Tricken“ aus der Fieder vum Connie Scheer domat der Lëntgener Theatersaison 2023... emol Äddi gesot...

*Scheer Jos*





## Aktivitéiten Fanfare Lëntgen

Och no eisem Gala-Concert am Oktober an der Caeciliemass am November hat d'Musek Enn dës Joers 2023 an ugangs 2024 eng Partie Aktivitéiten, déi souwuel eis musikalesch wéi och eis organisatoresch Kompetenze gefuerdert hunn. À la suite de notre concert de gala en octobre et la messe de la Ste-Cécile en novembre, la Fanfare a eu fin 2023, début 2024 nombre d'activités qui ont sollicité nos compétences musicales et organisationnelles.

### Kleeschen – St-Nicolas

De Kleeschen a säi Gesell op Besuch am Musekssall fir all déi brav Musikantinnen a Musikante mat enger Titchen ze belounen.

St-Nicolas et son compagnon en visite à la salle de musique pour récompenser tous les musiciens et musiciennes sages avec un sachet plein de friandises.

Fotoen: Jean Ewen





## Lëntgener Chrëschtmaart – Concert op Invitatioun vum FC Minerva

Fotoen: Paul Provost



## 22. Adventsfënster mat Chrëschtconcert, Glüwäin a Gebäck 22<sup>e</sup> Fenêtre de l'Avent avec concert de Noël, vin chaud et pâtisseries

Fotoen: Paul Provost





## Generalversammlung am Januar – Assemblée Générale en janvier

Fotoen: Paul Determe



## Kannerfuesbal am Februar – fir d'éischt A Mouschelt

## Bal de Carnaval pour enfants en février – pour la première fois A Mouschelt

Fotoen: Sandra Andrade, Paul Determe





## Auditioun vun der Museksschoul a Journée des „Anciens“



De 17. März war et erëm esou wäit, e groussen Dag fir eis Museksschülerinnen a Museksschüler: d'Auditioun an d'Diplomiwwerreechung vun der UGDA-Museksschoul Uelzechtdall stoungen um Programm, an dat am Festsall A Mouschelt.

D'Museksauditioun ass ee wichtege Rendez-vous, wou all d'Schüler hirer Famill an hire Frënn weise kënnen, wat si am leschte Schouljoer alles geléiert hunn, ob beim Sengen, der Perkussioun oder deenen eenzelne Blossinstrumenter.

Si ware wuel all e bëssen opgereegt, mee si haten sech optimal virbereet a fläisseg geüübt an dofir ass alles perfekt gelaf – de Public war begeeschtert.

Duerno kruten all déi Laureaten, déi am Schouljoer 2022/2023 den 1. Cycle erfollegräich ofgeschloss haten, hire wuelverdénngten Diplom vun eisem Här Buergermeeschter Louis Pinto, der Chargée de Direction vun der UGDA-Museksschoul Uelzechtdall Michelle Van Dijk an dem UGDA-Vertrieeder a President vun der Lëntgener Musek Jean Ewen iwwerreicht.

Ier den Här Buergermeeschter als Ofschloss vun dëser Zeremonie op den Éierewäin invitéiert huet, ass de Jugendensembl vum der Lëntgener Musek, en Ensembl aus aktuellen a fréiere Museksschülerinnen a Museksschüler, opgetrueden an huet de Public mat engem flotte Concert méi wéi begeeschtert, wéi den Applaus gewisen huet.

Am Kader vum 125. Gebuertsdag vun der Lëntgener Musek waren och fréier Musikantinnen a Musikanten aus der Fanfare op d'Auditioun an d'Journée des „Anciens“ invitéiert ginn, fir hiren Nofollger beim Musizéieren nozelauschteren.

A gemittlecher Ronn bei engem gudde Mëttegiesse gouf iwwert déi al Zäiten an der Lëntgener Musek gepotert an esou munnech Anekdoten sinn op d'Tapéit komm.

Merci fir dee schéinen Nomëtteg.

*Text: Jean Ewen  
Fotoen: Paul Provost*









## Audition de l'École de Musique et Journée des « Anciens »

Un grand jour pour nos étudiants en musique - l'audition et la remise des diplômes de l'UGDA-Museksschoul Uelzechtdall ont été programmées pour le 17 mars à la salle de fêtes A Mouschelt.

L'audition musicale est un rendez-vous important lors duquel les élèves peuvent montrer à leur famille et à leurs amis ce qu'ils ont appris au cours de l'année scolaire écoulée, qu'il s'agisse du chant, des percussions ou des instruments à vent.

Les élèves étaient probablement tous un peu excités, mais comme ils s'étaient préparés de manière optimale, tout s'est parfaitement déroulé et le public était très enthousiaste.

Par la suite, les lauréats ayant terminé avec succès le 1er cycle au cours de l'année scolaire 2022/2023 se sont vu remettre leur diplôme bien mérité des mains de notre Bourgmestre Louis Pinto, de la Chargée de Direction de l'UGDA-Museksschoul Uelzechtdall Michelle Van Dijk et du représentant de l'UGDA et président de la Fanfare de Lintgen Jean Ewen.

L'Ensemble des Jeunes de la Fanfare de Lintgen, composé d'actuels et d'anciens élèves de l'école de musique, s'est produit en concert devant un public enchanté, comme en témoignaient les applaudissements.

À la fin de cette cérémonie, Monsieur le Bourgmestre a invité au vin d'honneur.

Dans le cadre du 125<sup>e</sup> anniversaire de la Fanfare de Lintgen, des anciens membres de la Fanfare étaient invités à l'Audition et à la Journée des « Anciens » pour suivre les prestations musicales de leurs successeurs.

Dans une ambiance conviviale autour d'un bon déjeuner, ils ont pu discuter du bon vieux temps et certaines anecdotes d'antan ont été révélées.

Merci pour ce merveilleux après-midi.



## Semeurs de Joie – Fête de 40 ans



Le 19 janvier 2024, les Semeurs de Joie de Lintgen ont fêté leurs 40 ans en présence de très nombreux sympathisants.

L'accompagnement musical de la soirée a été assuré par le violoncelliste luxembourgeois de renommée Tom Feltgen qui a interprété des œuvres d'Auguste Franck et de Jean Sébastien Bach.

Le président des Semeurs de Joie, Monsieur Thierry Ducamp, a retracé brièvement l'histoire de l'association. Il a rappelé que depuis 1990, les Semeurs de Joie sont une ONG - organisation non gouvernementale et agréée par le Ministère des Affaires étrangères luxembourgeois. Enfin il a expliqué que, depuis 2012, les Semeurs de Joie ont signé une convention (accord cadre) avec la Fondation Partage.lu (ONG luxembourgeoise) qui s'occupe de l'administration et du suivi des projets. Les Semeurs de Joie sont indépendants et profitent de l'expertise de Partage.lu afin de mener au mieux tous leurs projets.

Monsieur Ducamp a ensuite détaillé diverses informations sur l'association qu'il préside :

Les Semeurs de Joie ont pour but d'aider les enfants des pays en voie de développement :

- en organisant des parrainages d'enfants provenant d'une région défavorisée de l'Inde, afin de leur donner la possibilité de bénéficier d'une éducation. Cette formule consiste à adopter un filleul ou une filleule en Inde en versant 170 EUR par an ;
- en finançant des projets à long terme liés à l'éducation et à l'hygiène, tels que la construction d'écoles et d'hôpitaux.

Durant ses 40 ans d'existence, l'association les Semeurs de Joie a financé plus de quatre-vingts projets en Inde, au Pakistan, au Pérou, au Brésil, en République Démocratique du Congo, au Soudan, en Egypte, au Bénin, en Algérie, au Togo, au Mali et au Rwanda pour un montant proche de 3 400 000 EUR y compris la participation du Ministère des Affaires étrangères et européennes.

Ces cinq dernières années, les Semeurs de Joie ont déboursé 152 400 EUR pour soutenir des projets à hauteur de 584 400 EUR grâce au co-financement du Ministère des Affaires étrangères et européennes, ainsi, ils ont soutenu :

- Un projet de promotion des droits des femmes pour leur permettre de vivre une vie libre et active à Kottayam en Inde ;
- Un projet de prévention VIH sida à Kananga en République Démocratique du Congo ;
- Un projet de prévention de la délinquance par l'appui à l'éducation et au développement socio-économique à Kigali au Rwanda ;
- Un projet de formation agricole pour jeunes à Kamutanga en République Démocratique du Congo ;
- Un projet de réinsertion socio professionnelle des jeunes à risque à Ségou au Mali.



*de Gemengebuet*



Mais aussi, suite à l'agression de l'Ukraine par la Russie, les Semeurs de Joie ont

- organisé un envoi de médicaments en faveur de l'Ukraine ;
- organisé une collecte de matériel informatique en faveur de l'Ukraine ;
- fait un don à l'organisation Ukrainka qui représente les femmes ukrainiennes au Luxembourg, ce don a permis de financer des chaises roulantes pour les handicapés.

Après une minute de silence afin d'honorer la mémoire de toutes les personnes proches des Semeurs de Joie décédées, le président a remercié

- tous les donateurs ;
- toutes les personnes ayant des parrainages ;
- tous les sponsors ;
- toutes les personnes qui soutiennent et aident les Semeurs de Joie lors de nos différentes activités ;
- les différentes présidentes ainsi que tous les membres du Conseil d'Administration ;
- Monsieur Tom Feltgen ;
- la commune de Lintgen pour son soutien et pour le verre de l'amitié.



Ensuite, Monsieur l'abbé Félix Steichen est intervenu sur la thématique « Mënschlechkeet » - « Humanité ».

Puis Monsieur Patrick Godar, l'Administrateur-délégué de partage.lu, est intervenu sur la thématique « Hëllefswierker, eng Drëps op e waarme Steen? Sënn an Zweck vu 40 Joer Engagement » - « Les œuvres caritatives, une goutte sur une pierre chaude ? Objet et finalité de 40 ans d'engagement ».

Pour terminer, Monsieur Louis Pinto, bourgmestre de Lintgen s'est félicité de l'œuvre des Semeurs de Joie qui sont installés à Lintgen depuis leur création en 1984 et a invité la nombreuse assemblée à un verre de l'amitié offert par la commune de Lintgen.

Pour soutenir les actions des Semeurs de Joie, vous pouvez :

- souscrire à des parrainages ;
- faire un don aussi minime soit-il ;
- devenir membre d'honneur en virant au minimum 25 EUR ;
- prévoir un don à l'occasion d'événements familiaux ;
- venir à notre Bazar de Noël chaque année le premier samedi de l'Avent ;
- acheter de la Quetsche Kraut ou des confitures confectionnées par les membres et sympathisants et qui sont vendues au profit des œuvres de l'association.

Il a été rappelé

- que tous les dons faits aux « Semeurs de Joie » sont intégralement déductibles de l'impôt sur le revenu ;
- que, grâce à l'agrément auprès du Ministère des Affaires étrangères, et à l'accord cadre que les Semeurs de Joie ont par l'intermédiaire de l'ONG Partage.lu, tous les dons sont multipliés par 5.



## Semeurs de Joie – 40 Joer



Den 19. Januar 2024 hunn d'Semeurs de Joie vu Lëntgen zesumme mat ville Sympathisanten hir 40 Joer gefeiert.

D'Feierstonn ass musikalesch vum lëtzebuurger Cellist Tom Feltgen mat Wierker vum Auguste Franchomme a Johann Sebastian Bach verschéinert ginn.

De President vun de Semeurs de Joie, den Här Thierry Ducamp, huet an engem kuerzen Historique drop higewisen, dass d'ONG-Organisation non Gouvernementale säit 1990 vum lëtzebuurger Ausseministère agreéiert ass, an dass si säit 2012 eng Konventioun fir den Accord cadre mat der lëtzebuurger Fondatioun Partage.lu ënnerschriwwen huet, déi d'Administratioun an de Suivi vun de Projeten iwwerhëlt. D'Semeurs de Joie sinn onofhängeg, awer profitéiere vun der Expertise vu Partage.lu fir hir Projeten ze geréieren.

Den Här Ducamp huet duerno verschidden Detailer vum Veräin erkläert:

D'Semeurs de Joie hunn als Ziel, de Kanner an den Entwécklungslänner ze hëllefen

- andeem si Patenschaften organiséiere fir Kanner aus aarme Géigenden an Indie fir hinnen eng Ausbildung ze erméiglechen. Sou kann ee mat engem Versement vun 170 EUR am Joer e Kand an Indie parrainéieren,
- andeem si Laangzäitprojete finanzéieren am Beräich vu Bildung an Hygiène, wéi z.B. de Bau vun enger Schoul oder enger Klinik.

Während dee 40 Joer säit hirer Grënnung hunn d'Semeurs de Joie méi wéi achtzeg Projeten ënnerstëtzt an Indien, Pakistan, Peru, Brasilien, Kongo, Sudan, Ägypten, Benin, Algerien, Togo, Mali a Ruanda mat enger Zomm vu bal 3 400 000 EUR an där d'Contributioun vum Ausseministère abegraff ass.

An de leschte fënnf Joer konnten d'Semeurs de Joie 152 400 EUR bäidroen zu folgende Projeten am Wäert vu 584 400 EUR, dank der Matfinanzéierung vum Ausseministère:

- Promotioun vun de Fraerlechter zu Kottayam an Indien, fir dass si fräi an aktiv un der Gesellschaft deelhuele kënnen,
- AIDS-Präventioun zu Kananga an der Demokratescher Republik Kongo,
- Präventioun vu Gewalt a Kriminalitéit zu Kigali am Ruanda duerch Schoul- a Beruffsausbildung a sozio-ekonomesch Ënnerstëtzung,
- Landwirtschaftlech Ausbildung fir Jonker zu Kamutanga an der Demokratescher Republik Kongo,
- Sozioprofessionell Réinsertioun vu gefäerdete Jugendlecher zu Ségou am Mali.





No dem russeschen Ugrëff op d'Ukrain hunn d'Semeurs de Joie och nach

- eng Liwwerung vu Medikamenter
- eng Kollekt vu Computermaterial an d'Ukrain organiséiert, an
- en Don un d'Organisatioun Ukrainka vun ukrainesche Fraen zu Lëtzebuerg gemaach fir Rollstill ze finanzéieren.

No enger Gedenkminutt fir all verstuerwe Memberen a Frënn vun de Semeurs de Joie war et un der Zäit, Merci ze soen

- allen Donateuren,
- alle Leit, déi eng Patenschaft bezuelen,
- alle Sponsoren,
- alle Leit, déi bei eise verschiddenen Aktivitéiten hëllefen,
- alle fréiere Presidentinnen a Membere vum Verwaltungsrat,
- dem Här Tom Feltgen,
- der Gemeng Lëntgen fir hir Ënnerstëtzung an den Eierewäin.

Als nächst huet den Här Paschtouer Félix Steichen e puer Reflexiounen zum Thema "Mënschlechkeet" mat eis gedeelt.

Duerno waren et dem Här Patrick Godar, Administrateur-Délégué vu Partage.lu, seng Gedanken zu "Hëllefswierker, eng Drëps op e waarme Steen? Sënn an Zweck vu 40 Joer Engagement".

Zum Schluss huet den Här Buergermeeschter Louis Pinto de Semeurs de Joie felicitéiert, déi säit hirer Grënnung 1984 hire Sëtz zu Lëntgen hunn, an hien huet déi ganz Gesellschaft op den Eierewäin agelueden, dee vun der Gemeng Lëntgen offréiert wor.

Fir d'Aarbecht vun de Semeurs de Joie z'ënnerstëtze kënnt Dir:

- eng Patenschaft iwwerhuelen,
- en Don maachen, egal wéi kleng en och ass,
- Eieremember ginn mat enger Liwwerweisung vu Minimum 25 EUR,
- en Don organiséiere bei engem Familjefest oder engem Stierffall,
- op eise Chrëschtbasar kommen, all Joer Samschdes vum 1. Advent,
- eist Quetschekraut kafen, oder anert Gebeess, wat eis Memberen a Frënn fir eis kachen.

Mir wëllen nach präziséieren,


- dass Dir all Don fir d'Semeurs de Joie kënnt vun de Steieren ofsetzen,
- dass Är Done mat 5 multiplizéiert ginn Dank dem Agreement vum Ausseministère an dem Accord cadre duerch d'Zesummenaarbecht mat der Fondatioun Partage.lu.



## FC Minerva – Wine and Dine

Zanter e puer Joer organiséieren d'Spiller vum FC Minerva Lëntgen hiren traditionelle Wäinowend ënnert dem Motto „Beat meets Wine and Dine“ zu Lëntgen am Veräinssall. Bei gudder Stëmmung sinn d'Gäscht Ufank Februar nees voll a ganz op hir Käschte komm, um Menü stoungen nees Fleischstelleren, Kéistelleren a Gemëschten Telleren, fir déi néideg Stëmmung huet den DJ Pikay gesuergt. A Rekordzäit waren déi limitéiert Plazen nees verginn. Aus organisatoresche Grënn wäert d'Editioun 2025 A Mouschelt stattfanen, d'Konzept wäert bëssen änneren, nieft engem DJ wäert och eng däitsch Liveband fir déi néideg Stëmmung suergen. Notéiert lech deemno schonn de 7. Februar 2025 fest an ärem Kalenner!

*Patrick Robert*





## 10 Joer Uergelfrënn Lëntgen



D'Uergelfrënn hunn den 10. Anniversaire vun hirer Grënnung a vun der Restauréierung vun der Westenfelder-Uergel den 8. Oktober mat engem Concert ugefaangen. D'Organistin Stefanie Duprel an den Ensembl „Ad Libitum“ hu Wierker vum Johann Sebastian Bach, dem Georg Friedrich Händel an dem Antonio Vivaldi opgefëiert.

Als Ofschluss stoung den 21. Januar eng Matinée musicale mat enger Konferenz um Programm.

De President Georges Herr huet a senger Begrëssungssprooch op déi 10 Joer zrëckgekuckt an drun erënnert, datt d'Uergelfrënn sech ëm de gudden Zoustand vun den Uergelen an der Kierch an an der Gousseler Kapell këmmern.

De Marc Loewen huet Wierker vum François Couperin, vum Johann Sebastian Bach, vum Joseph Gabriel Rheinberger a vum Dietrich Buxtehude gespillt.

De Paul Derkum huet e Virtrag „Eis Kierch, e Stéck Kulturgeschichte vu Lëntgen“ gehalen. Esou wéi déi 10 Joer, déi gefeiert gi sinn, en Zesummeschaffe mat der Gemeng fir d'Uergel waren, sou gëtt et och eng zwee Joerhonnerte laang Zesummenaarbecht vu Par a Gemeng fir déi ganz Kierch.

Nom Concert an der Konferenz konnt een sech eng Ausstellung mat liturgische Konschtgéigestänn an Textilien ukucken.

*Text a Fotoen: Uergelfrënn Lëntgen a.s.b.l.*



## Rousen fir 22 Gebuertsdagskanner am Home Saint-Joseph

Miersch: All Pensionären a Schwëstere, aus dem Home Saint- Joseph vu Miersch, déi tëschent dem 27. Oktober an dem 25. Januar gebuere goufen, sinn am Kader vun enger gemeinsamer a flotter Gebuertsdagsfeier mat enger Rous geéiert ginn. Et war di éischt Veranstaltung fir dëst Joer, déi zesumme mat de Membere vun de Familljen organiséiert ginn ass. D'Gemenge vu Bissen, Colmer-Bierg, Helperknapp, Fiels, Lëntgen, Miersch an Nöumer ware vertrauden duerch Bea Horsmans-Kaber, Isabelle Wickler, Jean- Claude Mathekowitsch, Myriam Martins-Mendes, Jos Consbrück, Heng Krier, Michel Malherbe, Costa Nelson, Willy Vullers, Sophie Diderrich. Am Numm vun der Direktioun a vum ganze Personal mat der Schwëster Paule Detampel, huet den Home-Direkter Nicky Wintringer alle Jubilare mat enger schéiner Rous gratuléiert a weiderhin och eng gutt Gesondheet an en zefridden neit Joer gewënscht. No enger Coupe Cremant waren et d'Musikante Willy a Ferdy, déi wéi gewinnt de ganzen Nomëtteg iwwer mat flotter Ënnerhalungs- an Danzmusik fir super Stëmmung am festlech gerëschte Sall gesuert hunn. Héichpunkt vun dëser Gebuertsdagsfeier war ouni Zweifel d'Opschneide vum grouse Gebuertsdagskuch. D'Jubilare waren: Anna Goetzinger Frisch (78 Joer); Luisa Da Silva a Josette Godart-Johanns (79); Gregorio Da Silva (80); Irmy Alen (81); Catherine Cornelius-Reckinger (82); Maggy Lieftring-Raas (84); Denise Schmit-Hansen, Juliette Kraus- Reuter, Sr.Gabriele Thull an Marcelle Garatti-Boentges (85); Victor Betz (87); Guillaume Bock an Anne- Marie Jacoby-Linden (88); Hélène Wirth-Salenty a Marguerite Hansen-Hengen (91); Jean Kauffmann (92); Roger Hilbert (93); Laure Robert-Wagner an Anna Mertens-Schmitz (94); Albertine Arendt-Monen (97). Fir hiren 100. Gebuertsdag ass d'Marie Parmentier-Baum zum Schluss mat engem kräftegen „Happy Birthday“ geéiert ginn. Bei engem schmackhaften Owesessen huet dës flott Feier a gudder Gesellschaft hire wüerdigen Ofschluss fonnt.

*Text a Foto: Charles Reiser*





## Konveniat Joergang 1963

